N°1930
Entrée le 12.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 12.02.2025
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2025

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet an sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Am Kader vun der Fleegeversécherung kann eng Persoun, déi vun där Assurance profitéiert an doheem wunnt, d'Hëllef an d'Betreiung vun Hëllefs- a Fleegenetzwierker an/oder vun engem Aidant an Usproch huelen. D'Käschte vun den Fleegereseauen ginn direkt vun der Fleegeversécherung ofgedeckt. Wann d'Versuergung duerch en sougenannten Aidant informell stattfënnt, dee vun der Assurance dépendance als solchen unerkannt ass, kritt de Beneficiaire ee Forfait iwwerwisen, deen am Artikel 354 vum Code des Assurances sociales definéiert ass. Jee no Fleegebesoin variéiert dëse Forfait. De Maximalforfait ass fir Persounen virgesinn, déi e "Niveau de besoin en aides et soins" vun der Stuf 3 a méi héich hunn. Dëst entsprécht engem Montant pro Mount vun ongeféier 1 100 Euro. Des Forfaite sinn zanter ville Joren net méi ugepasst ginn.

Dofir wéilte mir der Ministesch follgend Froen stellen:

- Wäerten déi Forfaiten un déi vill Präishaussen, déi zënter 2018 stattfonnt hunn, ugepasst ginn? Wa jo, wéini sollen dës Upassunge kommen? Wann nee, firwat net ?
- A verschiddene Härtefall huet den Aidant seng professionell Aktivitéit opginn, fir ee Familljemember vollzäiteg ze versuergen a verléiert domat säi Revenu a seng jeeweileg Cotisatioune fir d'Pensioun. Lafen Iwwerleeunge säitens der Regierung fir dësen Aidant ze entschiedegen an him esou ee substanziellen Ausfall vu sengem Revenu ze kompenséieren, ausserhalb vun de besteeënde Reegelungen ?
- Kann d'Ministesch Zuele virleeën, déi weisen, wei vill Aidant zu Lëtzebuerg am aktiven Alter hir professionell Aktivitéit opginn, respektiv reduzéiert hunn, fir sech enger Persoun unzehuelen, déi op 20 Stonne pro Woch a méi effektiv Hëllef ugewisen ass ?
- Kann d'Ministesch sech virstellen, am Hibléck op d'Evolutioun vun eiser Populatioun, an am Sënn vun der Valorisatioun vum Maintien à domicile vun enger fleegeofhängeger Persoun, d'Fonctioun vun engem Aidant proche als eng vollwäerteg Aktivitéit ze consideréieren an och deementspriechend ze revaloriséieren ?

Mat déiwem Respekt,

| | | |
|---|---|---|
| Liz Braz<br>Deputéiert | Claire Delcourt<br>Deputéiert | Mars Di Bartolomeo<br>Deputéierten |

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu